D'GAMELLE

November 2001

E Bliedchen vun de

Luerenzweiler Guiden a Scouten

Impressum

Redaktiounsuschréft

GAMELLE GmbH & Co. KG
65, route de Luxembourg
7373 Luerenzweiler
TEL : 33 03 24 / 091 30 97 37
em@il : gamelle@lgslorentzweiler.lu

Chefredakter

LINCKELS Sven

Redaktioun

BECK Jemp
BICHLER Fanny
BIDOLI Renée
BISENIUS Ben
BRÜCK Dada
FERREIRA Mois
JACOBS Marianne
KRECKÉ Elisbeth
LARSEL Claude
LARSEL Eric
LECLERC-FELTES Nic
MASSOL Mélanie
SCHAACK Flëpp
WENGER Julie

Anouk, Anne, Catherine, Cendrine, Charel, Christophe, Florence, Fränz, Jeff, Julie, Laurent, Lena, Liz, Mandy, Max, Mike, Misch, Nora, Paul, Sahra, Sven, Tammy, Viki

Oplo

120 Stéck

Nummer

N° 12 erauskomm den 10. November 2001

Wat as dran?

SÄIT

1 Cover

2 Impressum & Inhalt

3 Virwuert
... vum Gruppechef

4 - 5 Wichteg Adressen

6 - 8 Biber
... Montée
... Sortie op Veianen
... mam Bib op Weltrees
... Sortie Meekranz
... Afrika Weekend
... Sorite op den Hunnebuer

9 - 10 Wiwel
... Camp 2001

11 - 13 Avex
... Camp 2001
... Weekend zu Boufer

14 - 21 Carapio
... Camp 2001

22 - 24 Raro
... Camp 2001

25 Beschass

26 - 27 Verschiddenes

28 Memberlëscht 1999/2000

E puer Wuert vum ...

Gruppechef

Iwert daat vergaangent Guiden a Scoutsjoer as neischt aussergewéinleches ze zielen. Ausser dem Normalen, haate mir mol eng Kéier naischt extras ze feieren oder ze organiséieren. Et ass op där enger Säit gudd sou, mol eng Kéier net zevill Stress, mee op der anerer Sait, waat heescht "Normalt". Ech giff soen et kann een déi normal Guiden a Scoutsaktivitéiten trotzdeem als net normal bezeechnen. An eisem Grupp sin iwer 20 Cheftainen a Chef, déi sech Woch fir Woch Zait huelen fir ontentgeltlech mat Kanner a Jugendlechen eppes Sennvolles ze maachen. Ech kann et einfach net oft genuch soen. Dest Engagement ass an enger Zait wéi haut, déi zu engem groussen Deel nemmen materialistesch denkt, ganz aussergewéinlech a guer net normal. Deen eenzege Profit, deen si hun, ass hir eege Freed un der Saach. Duerfir e riese Merci un si alleguer, an ech leen ganz kloer d'Betounung op ALLEGUER. Bei enger grousser Equipe, wéi mir se scho sin, ass et nemme menschlech dat sech Cliquen bilden an ab und zu och

“e riese Merci“

Beschass gemach get. Ech sin der Meenung et soll een sou Saachen net iwerbewärten an och mol eng Kéier iwert iechent eng vermeintlech domm Bemierkung ewech gesin. Mee loss mer net iwerdreiwen, mir sin eng flott Equipe, déi ganz oft vill Spaass a flott Momenter mateneen verbrengt, a wou jiddereen akzeptéiert ass.

Ech wenschen iech all e flott Guiden a Scoutsjoer 2001/2002.

Jemp

Wichteg Adressen

BIBER

BIDOLI **Renée**
8, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 79 69

EVERAD **Chantal**
80, route Principale
7450 Lintgen
TEL : 32 65 75
GSM : 021 144 951

KRECKÉ **Elisabeth**
18, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 81 38

LECLERC-FELTES **Nicole**
5, rue Neuve
7420 Cruchten
TEL : 85 88 45

MENSTER **Annick**
23, rue Belle-Vue
7350 Lorentzweiler
TEL : 33 73 30
GSM : 091 337 330

NEY **Carole**
5, rue des jardins
7325 Heisdorf
TEL : 33 60 88
GSM : 091 339 812

WIWEL

BICHLER **Fanny**
23, rue des Noyers
7303 Steinsel
TEL : 33 73 08
GSM : 021 214 989

BRÜCK **Dada**
36, rue Principale
7450 Lintgen
TEL : 26 32 12 84

FOURNELLE **Germain**
8, rue Belle-Vue
7350 Lorentzweiler
TEL : 33 81 70

HÖFLIGER **Tessy**
173, cité Roger Schmitz
7381 Bofferdange
TEL : 33 98 74
GSM : 021 393 494

JACOBS **Marianne**
118, rue de Fischbach
7447 Lintgen
TEL : 32 86 89

MASSOL **Melanie**
25, rue de Blaschette
7353 Lorentzweiler
TEL : 33 26 13
GSM : 021 282 427

MULLER **Ernestine**
B.P. 19
7205 Lorentzweiler

WENGER **Julie**
2, am Bongert
7453 Lintgen
TEL : 32 91 96

AVEX

BECK **Jemp**
5, rue des jardins
7325 Heisdorf
GSM : 021 750 159
Arbecht : 33 72 68 23

BISENIUS **Ben**
2, rue Bëll
7432 Gosseldange
TEL : 32 67 08
GSM : 091 620 377

JUNIO **Catherine** &
MOLITOR **Ben**
Z.I. Langwiss
6131 Junglinster
GSM (Ben) : 091 513 263
GSM (Cathy) : 021 390 261

MOLITOR **Anne**
149, route de Luxembourg
7374 Helmdange
TEL : 33 73 88
GSM : 021 753 818

MULLER **Ernestine**
B.P. 19
7205 Lorentzweiler

CARAPIO

BOURMER **Fränk**
11, Raspert
2414 Luxemb. / Dommeldange
GSM : 021 763 731

MAES **Myriam**
12, op den Iessen
7363 Lorentzweiler
GSM : 091 332 018

NEY **Carole**
5, rue des jardins
7325 Heisdorf
TEL : 33 60 88
GSM : 091 339 812

PANETTA **Nico**
28, rue Kreizert
7453 Lintgen
TEL : 32 95 42
GSM : 021 253 953

SCHROEDER **Ander**
4, rue Paul Eyschen
7317 Steinsel
TEL : 33 03 32
GSM : 021 730 814

RARO

LINCKELS **Sven**
65, route de Luxembourg
7373 Lorentzweiler
TEL : 33 03 24
GSM : 091 309 737

5. BRANCHE

WEBER **Men**
140, route de Luxembourg
7241 Bereldange
TEL : 44 94 47
GSM : 021 135 159

GRUPPECHEF

BECK **Jemp**
5, rue des jardins
7325 Heisdorf
GSM : 021 750 159
Arbecht : 33 72 68 23

SEKRETÄR

LINCKELS **Sven**
65, route de Luxembourg
7373 Lorentzweiler
TEL : 33 03 24
GSM : 091 309 737

AUMONIER

NEY **Romain**
34, rue St. Laurent
7370 Lorentzweiler
TEL : 33 72 53

KEESSIERE

EVERAD **Chantal**
80, route Principale
7450 Lintgen
TEL : 32 65 75
GSM : 021 144 951

CAMIONETTE

PAULUS **Alain**
27, rue de Helmdange
7360 Helmdange
TEL : 33 72 56
GSM : 091 340 014

GRUPPEKÄCHE

MULLER **Ernestine**
B.P. 19
7205 Lorentzweiler

FOYER

FOYER ST. LAURENT
23, rue St. Laurent
7370 Lorentzweiler
TEL : 33 07 08





MONTEE DEN 11.11.2000

OP DER PAFEMILLEN BEI

Programm
Quiz: 1, 2 oder 3???
Montée vum Laetitia an Tiago
Kniwel: Biber aus Moosgummi

Die Montée war auf der "Pafemillen". Wir sind mit dem Zug gefahren. In der Montée mussten Laetitia und Tiago einem Faden mit verbundenen Augen nachgehen. Es war tolles Wetter. Wir hatten viele tolle Spiele gemacht und wir waren spazieren.

Wir haben abends da gegessen. Wir haben aber zu Hause geschlafen.
Es war sehr toll.

Misch, Laurent, Mike

Sortie op Veianen

de 25.03.2001

Programm
Spuerespill bis bei d'Schlass
Visite guidée vum Schlass
PicNic a Weisens hirem Heischen
Geländespill Schmuggler (am décke Reen ronderem d'Schoul)

Wir waren in Veianen im Schloss. Es war schön da. Wir waren mit dem Zug und mit dem Bus dahin gefahren und zu Fuss zum Schloss gegangen und das WC war ein Stuhl mit einem Loch. Da waren komische Ritterrüstungen. Sie hatten ein riesiges Fresszimmer. Es war ein riesiges Schloss.

Danach gingen wir in Jessis Haus essen. Dann gingen wir nach Hause.

Liz, Lena, Julie

Mam Bib op Weltrees

de 27.05.2001

Eis Weltrees huet eis fir d'éischt vu Luerenzweiler op Bilschdrëf gefëiert, wou mir d'Biber vu Réimech a Gréiwemaacher, eise Guide Tom aus der Animatiounséquipe vum Verband an natirlech de Bib getraff hun.

No engem Kenneléierspill war eis 1. Etapp Nordamerika wou mir vun den Indianer matt engem drolechen Dronk begréisst gi sin fir eis Courage ze man.

Duerno hu mer Indianerkostümer ugedo, eis Gesiechter fir d'Juegd geschminkt an eis op Büffeljuegd gemaach. Mam Ballon si mir du weider a Südamerika geflun wou mir den Inka gehollef hun hir Heiser erem opzebauen déi d'Spuenier zerstéiert haten. Als Merci krute mer dunn e Frëndschaftsbändchen (dee mer awer selwer hu misse maachen).

Mam Fliejer si mer bis an Australien geflunn wou d'Biber wéi Känguruhen gesprong sin an dono si mer mam Schëff an Afrika wiedergefuer wou d'Biber e Bild gemolt hun.

Als Oofschloss sollte mer mam fliegenden Teppëch an Asien fléien, mee mir waren irrtümlecherweis zu Bilschdrëf geland, wou d'Elteren hir Kanner du matt den Autoen ërem heemgeféiert hun.

Nic

Sortie Meekranz

den 01.05.2001

Wir mussten Holz sammeln gehen für das Feuer und den Maikranz. Dann haben wir Korken unter uns versteckt und die andern mussten sie suchen und danach haben wir gewechselt.

Wir haben am Feuer Spiesse gemacht und haben sie gegessen. Wir haben Bananen mit Schokolade auf dem Feuer gemacht und danach gegessen.

Wir sind danach zum Altersheim gegangen. Die Eltern mussten uns abholen.

Nora, Mandy, Cendrine

Afrika Weekend

den 08. an 09.06.2001 zu Miedernach

Programm
Versammlung: Thema erroden,
afrikanesch Spiller, T-shirt batiken,
Uebstzalot matt Friechten aus Afrika
Afrikanescht Fest: Gips-Maske man,
Lidd léieren, danzen, Déieren erroden
Gänsespill
Gipsmasken bemolen
Atelier: Blummendëppen fir
Mammendaach matt Zervéiten
bepechen

Zuerst haben wir Buchtaben gesucht und danach war das Wort "Afrika" herausgekommen. Wir haben mit den Trommeln gespielt und ein Lied gelernt und das war "Saminamina".

Wir haben ein T-Shirt in die Farbe getaucht. Danach haben wir das T-Shirt auf die Leine gehängt. Dann haben wir Obstsalat gemacht und danach gegessen. Abends haben wir Gipsmasken gemacht: Wir haben Gipsverband nass gemacht. Dann haben wir ihn auf das Gesicht gelegt.

Am andern Morgen hat Pit die Bäume umgesägt. Dann haben wir Nummern im Gebüsch gesucht und dann haben wir eine Frage gestellt bekommen und wir haben sie beantworten müssen. Wir haben einen Topf für Muttertag gemacht.

Wir haben viel im Wald gespielt. Und so war der Tag vergangen.

Fanny, Viki, Tammy

Sortie op den Hunnebuer

den 30.06.2001

Wir sind mit dem Auto zum Hunnebuer gefahren. Es war sehr warm. Wir sind spazieren gegangen. Wir haben Spiele gemacht. Dann haben wir unterwegs Pausen gemacht. Dann sind wir zurückgegangen zum Hunnebuer.

Pit ist ins Wasser gegangen. Dann kam ein riesiges Donnerwetter. Dann sind wir in ein Häuschen gegangen. Dann haben wir den Müttern von Lena und Misch telefoniert. Dann sind wir in den Foyer gekommen. Wir haben hier gegrillt und noch gespielt.

Es war schön.

Florence, Jeff, Fränz

W ellefcher Camp 2001 zu Miesch

A F R I K A

Meindes

Meindes sin mer ukomm. Dun hu mer eis agericht an installeiert. Duerno sollte mer d'Zelt opriichten mee mier haaten keng Piquéen. Mettes kruute mer d'Pisten an d'Campregelen erlärt an kruuten och eist d'Campbuch!
Du si mer de Besch erforschen gaangen, an hun och eng schéin Plaatz fonnt. Owes haate mer eng Veillée iwwert d'Thema Afrika.

Anne

Denschdes

Den Denschden hu mer moies eng Trommel faawesch gemoolt. Mettes waare mer op eng Schatzsuche. Owes hu mer dem Max säin Gebuertsdach gefeiert (an et gouf gudden Nesskuch). Direkt dono haate mer e Quizowend.

Max

Mettwoch

De Mettwoch haate mir moies e Gänsespill a mettes um 15 Auer sin d'Biber komm. Dunn hu mer e klenge Säckelchen an e Rimm matt Schëllen gebastelt. Dono hunn d'Biber mat eis gies, an um 21 Auer sin se Heem gang. Dono hu mer en Nuetsspill gemaach. D'Wellefcher hun geint d'Chefen gespillt, an natierlech sin d'Wellefcher gewonn!

Christophe

Donneschdes

Den Donneschdech hu mer d'Regenmacher gemoolt ! Mettes as de Fränk komm an du si mer matt der neier Camionette an de Besch gefuer. D'Mélanie huet eis ennerwee rausgeloos an du misste mer Dännenzapfen sichen. Mir hun se op dei Plaatz gedro wou mer all d'Aufgaben misste maachen. Dei éischt Aufgab huet doraus bestaan, datt een matt engem Seel huet missen iwwert e Sei matt

Pyranniaen 'schwingen'. Dunn si mer an engem Spannenetz geklomm, an deem eng 'Spann' puer Saachen vun eis verstoppt haat. Op der nächster Etappe wollt e beise Puma eist Iesse klauen, dun hu mier en missten matt deenen Dännenzapfen oofscheissen dei mier gesammelt haaten. Duerno hun mir misse geseschert iwwert eng Aafebreck klooteren. Du koum dat flottst vum ganzen Dach : Oofseelen ! ! ! Op der Platz wou mier eis oofgeseelt haaten, war eng Höhl, an der mir dono e Lagerfeier gemaach a gegrillt hun ! Zum Schluss huet d'Anne nach sein Versprieche gemaach. Owes huet d'Julie endlech sein Buch fonnt aus deem hatt eis eng (afrikanesch) Geschicht viergelies huet!

Charel

Freides

E Freiden huet eise Moien ugefaangen andeems mer hu missen opschreiwen wat um Camp gelaaf as! Natierlech hun sech d'Wellefcher och drun bedeelecht vir de Chalet ze raumen an ze botzten, waat de Chefen herno d'Aarbescht vill méi einfach gemaat huet. Daat alles woor schon am laaf vum Moien erleedescht an konnten eis schon op dee nassen noomettes freen!!

Noom Iessen hu mer all eis Schwammsachen agepaak an hun eis alleguerten an d'Camionette gesaat a mat där bis op Bereldéng gefuer ! Do hu mer dann eis Camionette op de Parking gestallt an hun de Bus weider geholl bis bei d'Badeanstallt wou mier eis et gudd gemittlesch am Wirlpool gemaach hun! Leider konnte mer net mei ewei 1 ½ Stonn an der Schwemm bleiwen. Dun hu mer dee selwechte Wee erem fir zereck gemaach wou mir dann déi lescht Saachen agepaak hun, bevir d'Elteren dann d'Wellefcher siche komm sin! Et gouf awer nach fir d'éischt nach zesumme giess an e besse geschwaat, an esou as den Afrika Camp op säin Enn gangen!

Mélanie

Avex Camp a Schottland

vum 1. bis den 10. August 2001

Bonjuer. Ech sin en Avex, deen net erkannt well gin, an ech schreiwen e Bericht vun eisem Camp a Schottland. Mir waare vum 1. bis den 10. August a Schottland ennerwee. Mir sin zu Lentgen bei der Kierch fortgefuer a sin irgendwéi a Richtung Holland gefuer. Do hu mer d'Fähr geholl a si weider bis an England gefuer, eh, geschwommen (natiirlech ware mer op der Fähr). Vun Newcastle (do si mer ukomm), si mer a Schottland gefuer. Do hu mer dann entweder Aktivitéite gemach oder mir si getreppelt, an zwar de "Westhailenndwéi". Am grousse ganze war de Camp ganz gudd bis nach besser, just heiansdo, wa mer wäit getreppelt sin, haate verschidde Leit hir Féiss wéi a waaren doduerch e besse granzeg. Mir hun eis gudd ameséiert a waare ganz ganz brav an hu keng Dommhéte gemach!? Fir zréck si mer ongeféier dee selwechte Wee gefuer/geschwommen.

En Avex, deen net well erkannt gin !
(PS: Alles waat do dra steet ass gelu…. Nee, et as alles wouer!)

Daat Ganzt as domat ugaangen, dat mir mat der Camionnette (langweileg) bis an e Kaff bei Rotterdam gefuer sin, wou mer d'Fähr (cool) bis op Newcastle geholl hun. Mir haaten en Dag Paus an dun as et lass gaangen mat Treppelen. Am Ganzen si mer 120 Kilometer getreppelt, waat heiansdo cool an heiansdo Bäh war, je no Landschaft. Vun Aktivitéiten hu mer net vill oder bal neischt matkritt. D'Iessen war fir Verhältnisser vun engem Camp mol net esou schlecht (Respekt mein lieber Herr Gesangsverein). Daat Bescht um Camp

war, datt wann de Flepp owes geschnarcht huet, huet d'Seja missen op Toilette?? (logesch, oder ?). Mee die gréissten "Merde" war net d'Wieder, waat fir schottesch Verhältnisser guer net schlecht war, mee daat waren "Midjien" (Stechmücken). Ech leiden lo nach enner Verfolgungswahn.
D'Landschaft ass iwregens WONDERFUL!

Schéi Gréiss vum Catherine a Sven un d'Scouten, seng Bomi a seng Elteren, a vum Sven un Bayern München, meng Elteren, de Charel an natierlech un Papa Roach, ajo an un de Kermit, der Frosch.

Catherine a Sven

“An Zack zu Fort William”

An Zack zu Fort William.. jojo, liicht gesoot, mee sou zackech ass daat guer net gaangen. Fir op Schottland hun mer natiirlech mol fier d'eicht mat derFäer missen fueren. Do hun mer och dei eischt Nuecht geschloof, an en puer aarmseilech Scouten (den Mich an d'Sarah) haaten d' (On)Gleck bei de Cheffen ze schloofen.. D'Insider wessen, dass de Flepp an de Jemp gewess Problemer hun.(den Flepp schnaarcht dei ganz Nuecht, an den Jemp fuerzt gehiiiiiirlos.). Wou mer dës Nuecht iwwerlieft haaten, hun mer eis 6 Deeg laang duerch d' Highlands vun Schottland missen kämpfen (hei mussen mer natiirlech och bemierken, dass et net esou schlemm war, ewei daat hei schengt). Keen vun eis "erfahrenen" Scouten war op dei brutal Deieren an Schottland viirbereed: miggies. Dei kleng nervech Moustiken hun en puer vun eis futti gepickt. Suguer den beschten Autan huet naischt geint dei kleng Deieren genetzt. Mir hun och zu 14 an engem Zelt geschloof, daat eigentlech fir 8 geduecht ass. (dei Nuecht war et eis awer och gudd waarm.) Natiirlech leiert een op esou engem Wee och munch Leit kennen, wei zum Beispill en Hollänner, vun eis Burger King genannt, an seng Kollegen. Mir hun se baal all Daach gesin, an se waren emmer frou, eis Iessensreschter ze kreien. No desen Erliefnesser waren mer deels glecklech, deels traurech, dei schein Insel ze verloosen. Am Grousse Ganze war et awer en sau-coolen Camp.

Sarah

WE zu Boufer am

30. Abrell / 1. Mee 2001

Dest Joer haaten eis Chefen sech fir den 1.Mee e klenge Special ausgeduecht. Well den 30. Abrell op Méindes gefall ass, a well mir do souwisou Versammlung gehaat hätten, hu mir eis um 19.00 Auer mat Saak a Paak beim Foyer getraff a sin op Boufer an de Besch getreppelt. Do ukomm haat de Jemp schon en Iwerdach opgeriicht fir drenner ze schloofen. Mir hun eis schéi gemütlech ageriicht an duerno as beim Lagerfeier Brout um Bengel gebaak gin. Duerno si nach puer Lidder gesong gin an et ass jiddereen schéi brav an d'Heia gaang oder net ??

Moies sin dun all déi aner Scouten aus eisem Grupp bei eis an de Besch komm. Mir hun zesummen Blieder gesammelt fir eise Meekranz ze machen. Duerno stung natierlech traditionellerweis eng Bulldog um Programm. Et sin alt nés wéi emmer kräfteg d'Fatzen geflunn, a wéi soll et och anescht sin, déi Grouss hun sech natierlech rem am meschten de Batty gestallt. Mettes huet du jiddereen sech e Spiess gebastelt an en Thüringer/Mettwurscht gegrillt.

Anouk a Paul

Logbuch vum CaraPio Camp

Tinkwetax kun Ferhan

vum 14. Juli bis den 28. Juli 2001 zu Malta

Depart de 14. Juli

Mir hun eis all Moies um halwer 11 um Findel getraff. Dunn hun mer relax agecheckt an d'Opreegung vun deenen déi nach ni geflunn sin ass emmer méi "gestiegen".
Géint véierel op 12 sin mer matt engem Bus bei eisen "rieeese" Fliger gefouert gin. Ennerwee haat de Flëpp schon d'Stewardess genervt an déi Aarm haat sech gudd erféiert well hien daat Wuert rëffëg an de Mond geholl haat.
Wéi mer dunn schließlech no 2 ¾ Stonn ukomm waren (also zu Malta) wollten mer eis Mega-Rucksäck (Rekord: Sven;17.8 kg) an d'Camionette geheien, mee déi war net sou wéi mer eis se viirgestallt haaten. D'Carole an d'Myriam hun déi ganz Saach an d'Hand geholl an kuerz drop koumen se matt méi enger grousser Camionette ugefuer. No all deem Gedeessems haate mer schon zimlech Verspéidung an eisem improviseierten Programm. Dono sin mer duerch hallef Malta gelaaf an mir haaten eis Campplaatz nach emmer net fonnt.
Géint ½ 9 sin de Fränk, den Änder an d'Carole op d'Sich no enger passender Plaatz fiir ze iwwernuechten sichen an de Rescht vun eis ass sech op d'Terrass vun engem relaxen Café setze gaangen. Um ½ 12 koum de Fränk eis matt der Cami. Sichen an mir sin alleguer (zu 13) an déi geklomm an mir sin eis iergendwou an d'Pampa léen gaangen.

Renée

Sonndes, de 15. Juli

Moies sin mer vun eiser stenkender Campplaatz d'Fielsen eroofgeklootert an bei engme aaneren Strand ukomm. Do hun mer dann och den Rescht vum Daag verbruecht. Et war deck gelénkt fiir déi meeschten Leit, well mir sin all déck verbrannt (Kriibs am Ganzen!!) Vergebens hun mer den ganzen Daag no Schied gesicht an hun d'Stonnen gezielt bis d'Sonn endlech sollt ennergoen. Fiir eis e bessen oofzekillen hun mer flott Aquagymnastik gemaach, Volleyball gespillt an d'Stemmung gelockert (Spiouuun!). Wéi den endlech Owend war an all d'Leit den Strand verlooss hun, hun mer eist Nuechtlager eng Etage méi héich am Bierg opgeschloen. Den Fränk huet eis eng gudd Zeppi gekacht an mer sin fréi schloofen gaangen. Déi meescht konnten awer net schloofen, sief et wéinst dem Gedéiesch waat gepickt huet, sief et weinst der Hëtzt oder wéinst deem haar-

den Buedem..., mee bon : MUER GET ALLES BESSER! Alles in allem war den Daag e bessen ze vill waarm an no enger Zaitchen och langweileg. Mee mer kruuten jo versprach dass alles nemmen nach besser kéint gin. Also daat geet, daat get gudd.

"Bonjourrr!!"

Jo,Jo daat war et dann vun menger Säit.
Bonjourr!!

Marianne

Meindes, de 16. Juli

Um 7 ¼ sin mer um Strand, iergendwou am Gins erwäscht an mir waren nach emmer vum Daag virdrun verbrannt wéi keen Zweeten. Nodeems mer alleguerten méi oder wéineger op waren hun mer eis Saachen gepaak, an dun sin mer noom Iessen op Melhia getrëppelt
(um ½ 10), Wéi mer no enger halwer Stonn do ukomm sin hun mer eis eppes ze drenken kaaf. Mettes sin mer dun nach Banann fueren gaangen. Géint 4, 5 Auer hun mer dun den Bus bis an den Scoutshome vun deenen Malteseschen Scouten geholl, wou mer dann och geschloof hun.

Flëpp

Denschdes, de 17. Juli

Haut hu mer emol wirklech relax geschloof! Wonnerbar ouni Gedéiesch!! Also um 8 Auer sin mer opgestaan an dun ass d'flexibel Ekipp emol akaafen gaangen an di aaner hun hier knaschteg Kleeder gewäsch. Dono hu mer zu Moien giess. Reläx, et gouf Mëllech, lecker!!
Dono hun ech emol 1 Stonn bis 11 Auer

gepennt während der e puer gespullt hun. Dono hu mer emol endlech eis Eröffnungsfeier vun eisem Camp matt Spiller vun 2 verschiddenen Ekippen (déi den ganzen Camp wärten bleiwen) gefeiert. Daat war deck flott. Den Änder huet eis nach e bessen vu Malta verzielt an dun hu mer matt den Spiller ugefaangen. Dono hun mer nach e bessen relaxt. Ajo leider huet d'Renée missten bei den Doktor goen, weinst senger Blooder un der klenger Zéiff, voll schlimm. Dono, hun mer wei geweinlech zu Mëtteg giess. Mëttes geint ½ 15 si mer un an d'Staadt "sightseeing2 maachen gaangen. Dono konnte mer e bessi eleng ronderem wurschtelen. Dun hun puer vun eis sech een Tattoo maachen gelooss. Dono wei mer zreck komm sin, war hei voll eng lass. Tonne Leit waren hei, well den Scoutsshop op war. An jiddereen ass dun duerch eiseen Chalet getrollt. Dono hun mer zu

Carapio

Owend giess, et gouf Réis-Risotto. Lecker!! Um 21 Auer dun haaten mer eisen Quizowend an natiirlech huet d'Ekipp FEBER gewonn. Yes!! No deem Spill sin se all een drenken gaangen. Ausser d'Renée an ech waren ze midd an mir hun eis een gemiddlechen Owend am Chalet gemaach an deems mer gesongen hun wéi d'Gecken. Dono sin mer all schloofen gaangen. Alles get besser!!

Daat war et vun menger Sait.
Und tschüss!

Lisbet

Mettwochs, den 18. Juli

Et ass 8 Auer, Zait fiir opzestoen. Um ½ 9 gouf et wei emmer eng gudd Schmier. Vun 8 :40-8 :45 haaten mer Zait fiir eis saachen ze paaken, mer gin nämlech op Hagar Qim (prähistoresch Staadt) Pünktlech um 9 :50 ass den Bus fiir op Hagar Qim komm et war eng zimlech wackeleg Busfahrt. Um 12 :00 koumen mer dun endlch un, dei ganz Visit huet eng hallef Stonn gedauert inklusiv enger Saftpaus. Et war net graad berauschend. Um 12 :30 sin mer blo grotten besichen gaangen. Daat sin Höhlen dei an den Klippen sin do sin mer dun matt engem klengen Motoboot hingefuer. D'Waasser war esou kloer datt een bis 6 meter weit eroof kucken konnt. Daat war deck feet mee leider huet dei Grottenvisit just bis 12:45 gedauert. 12:55 Zait fiir dei nei Schnorchelen an Taucherbrëller auszebrobeieren, deen ganzen Spaass huet bis 13:30 gedauert.Vum villen Tauchen koum dun och den Honge, géint 14:00 gouf endlech giess et war zimlech gudd awer den Zerwiss war net gudd. Roude Gaart heescht den Restaurant, daat ganzt huet bis 14:50 gedauert.
Um 15:00 sollten mer op Marzaxlokk, engem Fëscherduerf, fueren bis dohinner haaten mer eis an 2 Gruppen agedeelt, déi eng sollt um 15:03 matt der Camionnette fueren dei aaner um 15:30. Schlussendlech ass den Auto awer ereischt um 16:00 komm. Esou geint 16:15 sin mer am Duerf ukomm mee leider war schon alles zou.
Um 21:00 gouf dun nach tut er's oder tut er's nicht gespillt. Am groussen Ganzen war et een flotten Daag.

Claude

Donneschdes, de 19. Juli

Fréi schon waren mer dobaussen aus den Schloofsäck (vill ze fréi!!). Mir hun ons nämlech färdeg maachen fiir eng Visit op Mdina, enger Staadt südlech geleen op der Insel vun Malta, an duerno op d'Dingli Clips (anscheinend 200 meter hiech Klippen, vun wou een direkt an d'Mier kuckt.) Wei mer dun emol gemütlech Kaffi gedronk haaten, an all ons Saachen zesummen gesicht haaten, hun mer ons op den Wee gemaach fiir Mdina. Dei eng sin matt der Camionnette gefuer, dei aaner hun den Bus geholl. Mdina war net dei interessantesten Staad, an well mer net wossten wou mer sollten hingoen, sin mer emol einfach deenen aaneren Touristengruppen noglatscht, woubai den Fränk als onsen Touristenführer ausgesin huet wei wann hien eppes ze zielen

weist.(zimlech grouss Verarschung!!) Op eng keier waren d'Myriam an d'Carole verschwonnen an mir sin 2 mol ganz duerch d'Staadt gelaaf fiir se ze fannen!

No Mdina sollten mer am Fong nach Rabat kucken goen, mee vill gouf do net ze gesin; sou dass ner schlussendlech nemmen do een gedrock haaten an dun op d'Dingli Clips mam Auto gefuer sin. Leider waren dei och net esou "fantastesch" wei erwaart, a schon no 5-10 Minutten hun mer eis op den Wee fiir op Valletta gemaach! D'Cheffen sin matt der Camionette an d'Emgeigend vun Valletta gefuer fiir en gudden bellegen Restaurant zefannen, leider erfolleglos! Zur selwechter Zait hun mir CaraPio den Bus fiir op Valletta geholl wou mer Fraizait bis 19:00 haaten.

No deem vollen Programm haaten mer eis eng gudd Dusch am Foyer gefreet, mee doraus ass naischt gin! Wei mer do ukommen stoungen tonnen Auto'en an der Entrée, an dobannen alles voller Leit. Dun hun dei maltesesch Scouten dach tatsächlech ouni eis Bescheed ze soen dobannen eng Versammlung oofgehaal, daat huet geheescht dass mer net konnten op d'Toilette goen oder ons aneschters undoen fiir an den Restaurant. Dun sin mer eben matt knaschtechen Kleeder an den Pizza Hut getr(ollt)ëppelt! Daat waat sech dun fiir den Rescht vum Owend oofgespillt huet, ass net derwert an wëssenswert fiir am Bericht erwähnt ze gin!!!

Ben

Freides, den 20. Juli

Moies sin mer erwächt, haut de moien ass d'Ambiance net esou gudd dofir hun mer eis nom Kaffi zesummengesaatan hun eng kleng Réunion oofgehaalen. Mir hun iwwert präsent Problemer geschwaat an alles ass gudd ausgaang an d'Stemmung war nees ganz relax. Dono huet de Fränk eis eng wonnerbar witzeg Waasserolympiad viirbereed. Mir haaten eis köstlech ameseiert an waren all ganz naass gin, gell Carole!!

Nodeems daat ganzt matt enger Waasserschlacht geendegt hun an eis färdeg gemaach fiir eraus ze goen. Iergendwann ass dun dei eischt Ekipp matt der Camionette fortgefuer an dun ass d'Carole dei aaner sichen gefuer. Wei mer dun alleguer zu St. Julians ukomm waren sin mer eis e rlaxen Café sichen gaangen an hun dun lass gefetzt.

Well an dem eischten Café zevill Techno gelaaf ass an mir baal all d'Flemm kruuten, sin mer an deen nächsten getreppelt an hun eis do gudd ameseiert.
Um ¼ fiir 2 ass dei eischt Ekipp rem zreckgefuer an dei aaner sin an an der Zait nach een gudden Burger buffen gaangen. Mir sin dun all een no deem aaneren an d'Bett getrollt an hun mol gudd laang geschloof.

Mois

Samschdes, den 21. Juli

Moies hun mer emol gudd laang geschloof fiir eis vum Owend virdrun ze erhuelen. Noom Iessen wollten mer den Haafen besichtegen goen mee et war net esou vill ze gesin. Mir sin eppes drenken gaangen an eng authentesch "Fischerkneipe" an dun sin mer op den Strand gefuer, wou mer e bessen relaxed hun.

Sou roueg wei den Nomëtteg war , sou opreegend war den Owend. Mir d'CaraPio haaten eng Veillée fiir d'Cheffen viirbereed bei der iergendwei alles schiefgaang ass. Am Ufank beim 1,2 oder 3 Spill hun mer eis nach krank gelaacht, mee schon beim 2. Spill ass d'Myriam matt der Nues op den Steen gefall an zum Schluss ass d'Carole iergendwei gefall an huet sech um Knei weigedoen, hatt konnt guer net mei optrëppelen (waat nach Konsequenzen hat).

Zum Schluss soutze mer nach e bessen relax beim Feier.

Julie

Sonndes, den 22. Juli

Moies hun mer mol gudd laang geschloof. An dann sin mer schnell op den Maart well et war schon zimlech speit. Deen Maart war zimlech kleng an et een vill gefalschten CD'en, Briquet'en an villes mei. Geint ½ 13 sin mer an den Chalet gaangen an Zopp giess.

Nom gudden Iessen sin mer een Explo op Valletta maachen gaangen an mer kruuten eng Rei vun Froen dei mer missten den leit stellen an lauter Saachen brengen, wei 3 verschidden Beierdeckelen. An dun ass Carole an d'Klinnik gefouert gin. Puer Stonnen drop hun mer eppes giess, an hun d'Spull gemaacht an hun eis dun bei d'Lagerfeier gesaatan hun geschwaat. An dun sin mer schloofen gaangen.

Eric

Meindes, den 23. Juli

Haut ass den Daag frei ugaangen an zwar um 2 Auder nuets natiirlech. Mir sin dun zu Fouss vum Chalet zu Floriana bis op St. Julians gaangen. Do sin mer dun Kaffi drenken gaangenan hun de Bus fiir heem geholl. Um 7 Auer waren mer rem doheem an sin endlech schloofen gaangen. Mir sin rem geint 12 Auer opgestaan hun gekacht an giess.
Mettes stoungen Highland- Games um Programm. Mir hun Stengscheissen, Speerwerfen gemaach, mir hun gekuckt ween sech am längsten un engem Seel unhaalen keint. Dun sin mer nach iwwert d'Mauer vum Sprangbuer balanceiert an zum Oofschloss hun mer nach Seelzeihen gemaach.
Owes noom Iessen ass een noom aaneren an d'Bett gefall an mir hun all zimlech frei geschloof.

Dada

Denschdes, de 24. Juli

De Moien vum Dënsden hun mer emol zimlech relax ugoen gelooss, nodeems mer den Daag virdrun nach een drenken waren an e bessen mei speit doheem agelaaf sin, hun mer de Moien e "bessen" mei laang gepennt! Och den Recht vum Moien louchen mer sou zimlech nemmen op der fauler Haut. Dun geint der Mëtten koumen d'Cheffen an hun eis ugestallt ons Breidercher vir den Recht vum Daag ze maachen, fiirwaat dei dann gudd awer sollten sin wollten se net direkt esou soen !? Dun e bessen mei speit hun se dun hiert

Geheimnis gelüft, an hun ons erklärt dass mer geifen eng " Chasse aux loups " maachen, an desem Fall op den Änder an den Fränk. Viir d'eischt goufen mer ugestallt op Valletta ze treppelen an do dann den Bus viir op Mgarr ze huelen ! Leider keint een schon baal soen dass d'Chasse aux loups schon no enger veierel Stonn eriwwer war, well zu Valletta hun mer den Änder an den Fränk fonnt, hieren Bus haat Verspeidung!! Op jiddferfall hun mer dun een Bus mei speit geholl!! Wei mer dun den Bus geholl haaten an zu Mgarr erausgeklomm waren huet d'Spill wei geplangt ugfaangen, mir sin den Zeechen dei mer fonnt hun, nogaangen. Mee schon am eischten Duerf waren Problemer: bei enger Kraizung huet een Feil ondefineierbar an d'Pampa gewisen! Mir sin dun iwwert eng Stonn laang ronderem gelaaf viir een weideren Feil ze fannen, mee mir sin net mei weiderkomm. Schlussendlech haaten mer all d'Flemm an mir hun den Sven ugesmst viir Hellef ze kreien! Hien ass ons schlussendlech mam Auto sichen komm! Hien huet ons op den Strand gefouert wou mer op den Fränk an den Änder gewart hun. Wei si ukoumen gouf et dun emol eng hefteg Diskussioun vu que dass si ons net wollten gleewen datt den Wee falsch gezeechent war! Zu gudder Läscht sin mer dun einfach dohinner kucken gaangen, an mir hun erausfonnt datt ons Feiler geännert goufen (si haaten esou een klengen Jong am Verdacht) Owes hun mer ons dun nach Pizza am Uewen gemaach (scharf). Mee well daat esou laang gedouert huet hun mer duerno naischt mei gemaach!

????

Mettwochs, de 25. Juli

Moies goufe mer ganz frei aus den Fiederen gehait fiir d'Fähr op Gozo ze huelen. Well de Bus sou laang gebraucht haat fiir bis op den Haafen ze fueren, sin mer an 2 Gruppen gefuer. Dei, dei matt der Camionette komm waren sin schon matt enger mei freier gefuer. Zu Gozo ukomm sin mer bei dei blo Fenster do gefuer an do hun mer eis bis Mettes gudd ameseiert an deem mer tauchen (schnorchelen) waren.
Fiir d'Mettegiessen sin mer op Victoria gaang an hun eis am McDonald's de Moo gefellt.
Dono sin mer bessi an der Haaptstaadt ronderem getreppelt an hun eis d'Geschäfter ugekuckt. Geint 17 Auer sin mer dun rem op d'Fähr gefuer. Ennerwee fiir an den Haafen hun mer een Melounentransporter begeint an hun ennerwee (während dem fueren) 2 Këschten Melounen kaaf. Daat waren deer dann am ganzen 15 !!!!(Wei krien mer dei all giess??)
Owes wei mer zu Malta waren sin mer eis relax bei den Foyer setzen komm an hun eis eng relax Zopp gekacht. Mer sin e bessi mei frei wei soss schloofen gaangen, well deen aaneren Daag schon erem frei opstoen ugsoot war.

Mayo dann.

Renée

Donneschdes, de 26. Juli

Den Moien sin mer verhältnismeisseg " frei " opgestaanen fiir emol ordentlech ze raumen an Uerdnung ze schaafen. Dun Mettes hun mer eis Breidercher gemaach an hun den Bus geholl fiir bei d'Fähr. Mir sollten nämlech vun Gozo aus mam Pol sengem Schëffchen op Comino fueren, dei drëtt kleng Insel, déi zu Malta geheiert. Och d'Carole huet sech getraut matt op Comino ze fueren, trotz sengem Fouss an sengem Knéi. Mer haaten geduecht den Pol geing eis voll dei oofgeléen Plaatzen weisen mee sou war et awer net. Fiir d'eischt huet hein eis erausgelooss op engem Strand voller Touristen, waat natiirlech net esou cool war, mee bon, waat wells de!? Waat een awer soen muss ass dass et wonnerschein war op der Plaatz: hellblot Mier, faarweg Fësch, lauter Höhlen,… e Schnorchel-Paradies also. Mir hun eis gudd ameseiert. Um 17 Auer ass den Pol eis dun erem sichen komman ass ma Boot ganz rondrem Comino getuckert an huet eis all Höhlen gewisen Wei mer alles gesin haaten huet hien eis erem op Malta gefouert. Mam Bus ass et dun erem heemgaangen… op dei rasant Art an Weis! Haut war een superflotten Daag, all Respekt!!

Marianne

P.S. Aaneschters wei mer gemengt haaten war den Daag nach net eriwwer. Geint ½ 23 hun mer eis Uniform missen undoen an mir sin op Valletta getreppelt. Mer wossten guer net waat geing laafen an wei d'Cheffen dun een laangt Seel ausgepaakt hun, hun mer schon geduecht mer missten am Seel sprangen, mee sou war et awer net. Mir sin all um Seel ugestreckt gin an sou hun mer missen verschidden Saachen organiseieren an tauschen. (Steen geint e Fändel, Toilettenpobeier geint eng Figue) Well an der Staadt keen Mensch war an all d'Geschäfter zou haaten war et relativ schweier eis Aufgaaben ze leisen. Wei mer eng Figue hun missten fannen an mer nach emmer keng fonnt haaten sin mer an eiser Verzweifelung d'Polizisten froen gaangen. Si hun gelaacht an wossten no laangem Iwwerléen wou een sou eng keint fannen. An well se wahrscheinlech souwisou naischt ze din haaten hun se den Ben an den Mois am Flickenauto mattgeholl op der Sich no enger Figue. Wei se zreck koumen matt der Fruucht waren mer deck begeeschtert an hun merci gesoot. Deu gudd Relatiounen zu den Polizisten sollt eis nach eng grouss Hellef sin. Wei eist Spillchen färdeg war sin mer nämlech eppes drenken gaangen an wei de Claude sengem Brudder e Stull reechen wollt, sin 2 Fläschen vun der Dekoratioun um Plafang eroffgefall. Eng ass gebrach an eng war nach ganz. Den Typchen vum Comptoir huet 10 LM (1000 Frang) fiir dei Fläschen gefroot. Mir hun gesoot daat wär zevill an mir geingen net bezuelen. Hien huet gemengt hien geing d'Flicken ruffen wann mer net geingen bezuelen. Schlussendlech hun mer et awer missen maachen, mee mir haaten welles deen nächsten Daag eremzekommen an matt dem patron ze schwetzen. Den Fränk huet eng Quittung gefroot an do wollt eis och erem lénken. Wei mer endlech dobaussen waren (an gudd rosen) hunmer dun decideiert den Flicken eis cool story zielen ze goen. Dei hun opmierksam nogelauschtert an den Kapp gerëselt. Si hun sech opgereegt an hun gefroot op mir dann veréckt wärenfiir 1000 Frang ze bezuelen fir eng Fläsch an opse aus gold wär oder sou. Lo war och nach den Flick motiveiert an heut den eric an den Ben mattgeholl an hierem Auto fiir dem Typchen aus dem Café emol ordentlech d'Panz ze rappen.Waat erauskomm bei der Saach war dass mer 400 Frang erem kruuten. Emmerhin, besser ewei naischt! (an nei Kollegen derbai !)

Daat war esou een Résumé vun eisem spannenden Owend. Taatsaach ass dass mer d'Gesetz op eiser Sait hun an eis elo naischt mei geschéien kann. Voilà, daat war et!!

Tschauis!

Marianne

Freides, de 27. Juli

Wei emmer sin mer erem vill ze frei opgestaanen.Wei mer all op waren an giess haaten, hun mer eis virun der Dier versammelt an hun dun eng Liewensfeier gemaach, matt Vertrauensspiller an mam prouven fiir eist Camp Lidd. No der Liewensfeier hun mer zu Mëtteg giess an dun sin mer shoppen gaangen., bis mer geint 19 Auer all erem zreck am Chalet waren. Wei mer dun all duschen waren an eis erausgefitzt hun, hun mer eis op den Wee gemaach fiir Iessen ze goen. Am groussen Ganzen war den Daag zimlech cool an den Rescht vum camp och.

Flëpp

Samschdes, den 28. Juli

O mei!! Haut war et dann erem sou weit!! Um 7:30 sin mer all opgestaanen, hun Kaffi gedronk an hun anschliessend eisen Rucksaak gepaak.Dono hun mer natiirlech alles gebotzt , bestemmt wesentlech mei propper weit et war, wei mer ukomm sin. Ausser d'Toiletten hun zum Schluss megagestonk. Jo, dun hunmer nach e bessen gelatzt.Zum Glech war den Scouts Shop op, dun konnt nach deen oder aaneren sech nach eppes klenges kaafen. Dun si mer noeneen op den Flughaafen gefuer an do sin mer an 2 Gruppen iessen gaangen. An wou?? Natiirlech bei den

McDonald's. Um 14 dun hun mer eis angecheckt an um 20 op 15 si mer an den Fliger geklommdeen dun 20 vir 16 gestart ass. Wei mer ukomm sin waren eis Elteren all do an hun eis alleguer rem gesond matt heem geholl. Ausser eist Carole, mee wei gesoot " alles get gudd!! ". Desen Daag respektiv dee leschten Daag ass emmer e bessen een traueregen Daag, mee bon, allesgeet eriwwer an mir sin nun emol BEISCHTEN, an dei haalen alles aus!!
Daat war et vum Lisbeth senger Sait.

Bis geschwenn!!

Elisabeth

P.S. dem Flëpp seng zackeg Airhostess war des Keier net ze gesin, mir hoffen awer datt mer si bei eisem nächsten Flug net bruachen ze messen.

E N N

[dlech]

Raro [Melanie & Tessy] Camp

Am Kader vun der Odyssee 2001 - Projet Marok

am Marok vum 4. bis den 19. August

Mir (Tessy an ech) sin mat aaner Raro ass dem Land mam Odyssée 2001 an de Marok gaangen.

Eis Rees huet Samsdes Moies geint 7 Auer ugefaangen zu Walfer op der Bushaltestell. Do sin mer vun engem Bus oofgeholl gin deen eis op Breissel gefouert huet wou mir dann mat engem City-Bird Fliiger op Marrakesch geflun sin. Mir waaren zu 15 Letzebeuger dei dohinner gereest sin fir dohannen mat enger marokanesch Scoutsequipe (12 Leit) zu Sbiti (e klengt Berber-duerf, beim Atlas mat 68 Awunner ,1 Epicerie an ee Bäcker) eng Schoul ze renoveieren !
Zu Marakesch ukomm hun mier op dei Marokanesch Scouten gewaart dei eis dun mat 2 Stonnen verspeidung sichen komm sin ! Vun do aus sin mier dann mat de Rucksäck an mat de Materialskeschten e puer Kilometer an der praller Sonn mat 45 Graad bis op d'Haaptstroos getreppelt ! Mir hun do, dann en Taxi geholl deen eis bei de Lycée Hassan II bruescht huet ! Taxi fueren ass do guer net esou einfach ewei hei, well mir mussen zu 7 Leit an engem aalen Mercedes Benz klammen mat de Rucksäck an de Materialskeschten ! ! ! !
An der Schoul hun mer dei eischt Nuescht am Internat verbruescht !
Sonndes Moies sin mer dann mat e puer Marokanesch Scouten an der Staadt ronderemm getreppelt an hun do vir d'eischt eis Erfaarung gemaat mat den Soukken (Maart) !
Mettes sollte mier dann mat engem gelountene Bus op Sbiti fueren, mee daat waar awer leider neischt gin an hun eremm Taxien geholl, fir 50 km ze maachen !

Chantier

Mier koumen am freien Owend un an hun dann direkt eis Zelter opgeriischt ! Et woor dun schon deischter wou mir eis gudd Spaghettien gemaach hun an eis mat deenen Marokaneschen Skouten bekannt gemaach haaten !
Ereischt dohannen Ukomm hunn mier dann gesin, dass et vill mei Aabescht geif gin ewei mir geduescht haaten ! Et waaren 5 Sell ganz fresch ze maachen !
Meindes sin verschiddener op de Maart gaangen an anerer sin zereck op Marakesch gefuer fir d'Material ze kreien.
Am Ufank war e Problem drenkbart Wasser ze fannen, well mir hun eist Wasser an engem Petz missen sichen goen, et filtreieren (weinst dem Bulli) an et och oofkachen, befiert mer et konnten

drenken !
Daat ass eng immens Aarbescht well, et ass net esou einfach fir 27 Leit Wasser ze organiseieren ! Mat der Zeit haaten mir eis dann organiseiert an mir kruuten Wasser geliwwert !
Wou mir dann all eist d'Material haaten konnte mer dann mam Chantier ufänken ! Mir waaren an 4 Gruppen opgedeelt ; dofunner waaren der 2 emmer um Chantier, eng vir d'Wasser zoustennech an dei aaner fir d'Iessen ! Et gouf emmer e rullement gemaach, esou, dass all Equipe emmer iwwerall drun koum !
D'Maueren hun missen naas oofgemaach gin an d'Holz vun de Fensterrummen huet missen geschleift gin. Daat waar eng immens penibel Aabescht dei eis alleguerten schein midd gemaach huet !
Moies, wann een net vum Moesgebied vun der Moschee um 4 Auer erwescht gin ass, dann sin mer emmer um 6 Auer opgestaan an hun de Chantier dann um 6 Auer 30 ugefaangen ! Moies waar d'Hetzt nach auszehaalen !
Um 10 Auer gouf eng Paus vun enger veierel Stonn gemaach an dun ass weidergeschafft gin bis 13 Auer ! Mettes ass dann gerascht gin ; dei eng hun dann hier Wäsch gemaach an dei aaner hun geschloof ! Aanerer hun sech eremm un d'Aabescht gemaach !
D'Iesssen dohannen waar excellent, an mier kruuten esou guer 2 mol Couscous vun den Awunner gekacht ! Mmhhhh
Mier kruuten e klengt Stuerm op de Kapp, mee awer ouni Reen. Et waaren just e puer Drepsen do an ganz vill Wand !
'Geduscht' hun mier eis hannert enger Batsch mat engem Eemer (brongt) Waasser an engem Bescher !
Noodeems mer d'Maueren an d'Fensteren färdesch haaten konnte mer endlech ustreichen! D'Fenstern Bloo an D'Maueren Blanc-Cassé!
Owes sinn dann emmer Spiller gemaach gin dei awer net zevill laang gedauert hun, well mer Moies eremm frei opgestaane sin De Chantier ass dann wärend enger gudder Woch esou weider gaangen, bis dass mer dann endlech färdesch waaren an op Endeckungsrees gangen sin !

Visite

Densdes den 14 hun mier dann e Minibus geholl an sin an den Ourika-Dall, op Sidi Fatma am Atlas gefuer ! Do sin mir dann Owes zesummen eng gudd Tajin iessen gaangen an deen Daach drop konnten mer dann endlech an de Bierger klammen goen, fir e puer wonnerschein Kaskaden kucken ze goen ! Daat woor e wonnerscheint Erliefnis !
Am Noometten hun mier de Bus geholl fir op Marakesch ze fueren ! Dohannen ukomm sin mer eremm an d'Internat

schlofen gaangen ! Do konnte mer eremm op Matratzen schlofen an et gouf eng Dusch wou mer eis konnten anschtennesch wäschen ! ! Aahhhhhh

Donneschdes hun mer Moies frei den Bus eremm geholl an sin op Essouira gefour ! Daat ass eng Stadt dei um Mier leid an wou vill Europaer wunnen gin, well et do net ze waarm ass am Summer an net ze kaal am Wanter ! An daat ass wouer, well waarm war et do wirklech net ! ! Ech ging soen, dass et 20 Graad waren, mee et huet eng eisesch Loft gebloos ! Dohannen sin mier och duesch esou eng aart Schlass getreppelt wou Geschäfter an Restaurant dran waaren, an natierlech sin mer och an d'Mier schwammen gaangen ! Owes hun mer de Bus zereck geholl fir op Marakesch ! Daat waren gudd 4 Stonnen ze fueren, wou een absolut keng Plaatz fir d'Feiss haat !

Freiden sin mer zu Marakesch bliwen an hun do Tourismus gemaach ! Mier hun en aalen Palast gesin an hun eis d'Souken nach vun mei noo ugekuckt. Samsdes sin mer och nach e bessen akaafen gaangen an mettes, noodeems mer eis mat villen Treinen Eddi sooten sin mer eremm op de Fluchhaafen gefuer fir de Fliiger zereck op Breissel ze huelen ! Mat engem Virgin-Fliiger sin mer dann zereck komm an Sondes den 19 August Moies geint 6 Auer waaren mer eremm an deem reenereschen an kaalen Letzebuerg.
Mier hun alleguerten eng schein Zeit do gehaat an mir denken schon driwwer noo op mer net eremm eng keier sollen dohinner goen !

Mélanie

BESCHASS

(De Redakter entzitt sech aller Responsabilitéit fir de Kontenü vun dëser Rubrik)

Den Ander Schroeder
heescht neierdéngs well
SCHÄÄÄWI !
Séng nei Email Adress:
mähähä@schäääwi.lu

“Mir maachen einfach alles!!”

D’Annick gouf op de Code de la route opmierksam gemaach:

“As dat däin Auto?”
“Jo.”
“Da setz dech an däin Auto, fuer dohannen op de Parking, loos en do stoen, a komm zu Fouss erem! W.e.g. Merci!”

“Ech stin hei ze stoen ...”

Jemp: “Samschdes Owes maache mer Glühwäin, a solle mer dann net einfach Sonndes de Krëschtmaart faale loossen?”

De Flëpp, dee potentesten Typ vun der Galaxy (!!), get zou :
”Et geet heiansdo net!”
Do soen mir dach :
“Jo Flëpp, mir akzepteieren dech wei's de bass. Alles get gudd!!”

“Lauter Mëller!”

@ W W W lgslorentzweiler.lu

Eis Email Adressen

WEBMASTER (Sven Linckels)
webmaster@lgslorentzweiler.lu

GAMELLE
gamelle@lgslorentzweiler.lu

ALL CHEFFEN
cheffen@lgslorentzweiler.lu

BIBER Cheffen
bibbercheffen@lgslorentzweiler.lu
WIWEL Cheffen
wiwelcheffen@lgslorentzweiler.lu
AVEX Cheffen
avexcheffen@lgslorentzweiler.lu
CARAPIO Cheffen
carapiocheffen@lgslorentzweiler.lu
RARO Cheffen
rarocheffen@lgslorentzweiler.lu

GRUPPECHEF
jemp.beck@lgslorentzweiler.lu
gruppechef@lgslorentzweiler.lu

ELO REM ZE KREIEN!

Déi zweet Foto CD vun de Luerenzweiler Guiden a Scouten fir PC CD-Rom.

MAIN FEATURES

Iwer 3700 Fotoen (vun der Ouschteréer Aktioun 2000 bis de Montées Weekend 2001)

Vu Biber bis Raro

Mat der Foto Show 2000 (MS Powerpoint Format)

Mat Programm fir ganz einfach d'Fotoen ze kucken

GET IT NOW !

Fir nëmmen 100,- Frang as se beim Sven ze kréien.

Info

DEN LGS SHOP ...

... as ze fannen :
an der Stad am Convict
Bloc G um 1. Stack
5, avenue Marie-Thérèse

... as op :
Dënschdes a Mëttwochs
vun 15:00 bis 18:00 Auer
Donneschdes
vun 15:00 bis 19:00 Auer
ausser an de Schoulvakanzen!

... as ze ereechen :
ënner dem TEL : 44 7 43 313
oder per FAX : 44 7 43 249

Mir waren mat dobei!

Hei sin just déi Leit opgelëscht, déi hir Cotisatioun bezuelt hun an dofir och op där offizieller Memberslëscht vun 2000/2001 vum Verband stoungen.

BIBER

Julie BECK
Lena BIDOLI
CaroleBORDEZ
Pit BUIJS
Florence DE DOOD
Rachel GONNER
Liz HARY
Jacques JEGEN
Viki MLADENOVSKI
Michel PAUTSCH
Laurent PETERS
Jeff ROMMES
Anouk SAUER
Tammy SCHLEICH
Nora SCHMIT
Carole SCHMOL
Mandy THOMA
Fanny TOISUL

CHEFFEN
Chantal EVERAD
Pascal FEHLEN
Elisabeth KRECKÉ
Nicole LECLERC-FELTES
Annick MENSTER
Carole NEY
Jessica WEIS

WIWEL

Max BECK
Charel BIDOLI
Charel BODE
Sophie DE MAERE
Ben ECHTER
Julie JACOBS
Mike MERGEN
Chris MOLITOR
Anne ROMMES
Christophe SCHMOL
Jil SCHOSSELER
Christian TREINEN
Joel VENANCIO DA CRUZ
Tiago XANTE SIMOES

CHEFFEN
Fanny BICHLER
Danielle BRÜCK
Germain FOURNELLE
Tessy HÖFLIGER
Marianne JACOBS
Melanie MASSOL
Ernestine MÜLLER
Julie WENGER

AVEX

Michel BRÜCK
Paul BRÜCK
Aldino FORTES
Catherine HANCK
Sarah JACOBS
Charel MODERT
Jil MODERT
Michel PINTO
Tammy RINNEN
Tim RINNEN
Pol SCHINTGEN
Sven SCHOSSELER
Dan THEIS

CHEFFEN
Anne MOLITOR
Marc MOLITOR
Seja ROCKEL
Roby THEISEN
Tanja WEIS
Flëpp WENGER

CARAPIO

Renée BIDOLI
Ben BISENIUS
Moises FERREIRA
Claude LARSEL
Eric LARSEL
Cyril MELAN
Philippe SCHAACK
(+ aaner Cheffen)

CHEFFEN
Fränk BOURMER
Sven LINCKELS
Myriam MAES
Carole NEY
Nico PANETTA
Ander SCHROEDER

RARO

David BOUSSONG
Mireille PEUSCH
Christina RUF
Liliane STAUS
Danielle THOMA
(+ aaner Cheffen)

CHEFFEN
Sven LINCKELS
Patrick WEBER

5. BRANCHE

Patrick GALBATS
Marc JEGEN
Marco LECLERC
Patrick LECLERC
Georges MENSTER
Alain PAULUS
Marc SCHROEDER
André THEISEN
Manon WEIS
Annick WEISS
(+ aaner Cheffen)

MATAARBECHTER

Lucien WEYERICH
Christophe WIROTH
(+ aaner Leit déi keng Cotisatioun bezuelt hun)